Lëtzebuergesch – eng nei Amtssprooch vun der Europäescher Unioun?

Meng Iwwerleeungen iwwert d'Opportunitéit vun engem Status fir d'Lëtzebuergescht als Amtssprooch vun der Europäescher Unioun hunn ech virgedroen den 29. Oktober 2005 op der Hierscht-Aarbechtssëtzong vum Institut Grand-Ducal, Section de Linguistique, d'Ethnologie et d'Onomastique.

Den 22. Oktober 2005 hat ech Deeler dovun ugesprach am Kader vun enger Aarbechtssëtzung vum CPLL (Conseil Permanent de la Langue Luxembourgeoise), bei der et ëm dëst Thema goung an op déi och d'Mme Erna Hennicot-Schoepges als Member vum Europäesche Parlament invitéiert wor.

An der Plénière vum Europäesche Parlament vum 24. Oktober 2005 zu Stroossbuerg huet d'Mme Hennicot mat enger kuerzer Interventioun d'Unerkennung vun der lëtzebuerger Sprooch als Sprooch vun der Europäescher Unioun gefuerdert. Domat ass fir d'éischte Kéier an enger europäescher Enceinte esou eng Revendicatioun ëffentlech erhuewe ginn.

De Beräich vun den Amtssproochen an Aarbechtssprooche vun der Unioun ass en Dossier, deen den Ament staark evoluéiert. Fir dës gedréckte Versioun hunn ech wéinst der Entwécklung an de leschte Wochen eenzel Ausféierungen aktualiséiert.

Guy Berg

Introductioun

Den 1. Mee 2004 sinn zeng nei Memberstaaten der Europäescher Unioun bäigetratt, mat hinnen ass d'Zuel vun den offizielle Sprooche vun der Unioun op ee Coup vun 12 op 20 geklomm. Spéitstens zanter et sech erëmgeschwat huet, datt den Inselstaat Malta als e Land, dat territorial méi kleng ass wéi Lëtzebuerg an eng vergläichbar niddereg Awunnerzuel huet, seng Nationalsprooch Maltesesch als Amtssprooch vun der Unioun unerkannt krut, sinn d'Stëmme méi haart ginn, déi esou e Status och fir d'Lëtzebuergescht reclaméieren.

Mat mengen Iwwerleeungen wëll ech dozou bäidroen, fir dës Statusfro an eng Diskussioun doriwwer aus dem Schied vun der Polemik erauszehuelen an de Sujet virun engem objektiven Hannergrond neutral an ouni Parti pris duerzestellen. Dobäi wëll ech weisen, wéi komplex a facetteräich dëst Thema ass, wat fir prinzipiell Considératiounen domat verbonne sinn a wellech Léisungspisten dofir a Fro komme kënnen.

1. Historique

De Prinzip vun der Méisproochegkeet ass an der Unioun vun Ufank un als eng Selbstverständlechkeet gesi ginn. Eng institutionaliséiert Méisproochegkeet wor en onverkennbar staarkt Signal fir d'Gläichheet an d'Gläichberechtegung

Dr. phil. Guy Berg ist Sprach- und Kulturwissenschaftler, Dolmetscher, Übersetzer, Beamter des Europäischen Parlaments und Mitglied des Institut Grand-Ducal (Sprachwissenschaftliche Sektion).

vun alle Memberen vun der Gemeinschaft. Fir déi sechs Grënnungsmemberen, déi 1952 d'CECA an 1957 mat de Réimesche Verträg d'Europäesch Gemeinschaften an d'Liewe geruff hunn, wor kloer, datt dës nei Organisatioun als offiziell Sproochen déi Sprooche misst hunn, déi d'Nationalsprooche vun den eenzelne Membere sinn. Bei der deemoleger Sechsergemeinschaft wor dat de Fall fir Franséisch, Däitsch, Italiéinesch an Hollännesch. De Benelux wor nëmme mat enger Sprooch – Hollännesch – vertrueden, well Lëtzebuerg an d'Belsch als hir Sproochen Franséisch respektiv Franséisch an Hollänesch uginn hunn.

Dëse Prinzip vun der institutioneller sproochlecher Gläichberechtegung gouf och bäibehalen, wéi 1973 mat der éischter Erweiderung vun der Gemeinschaft dräi nei Länner bäigetruede sinn – Groussbritannien, Irland an Dänemark. Nieft der Weltsprooch Englesch koum och eng éischt skandinavesch Sprooch derbäi. Déi iresch Sprooch gouf an hirer Eegestännegkeet confirméiert a krut e spezielle Status zouerkannt an dem Sënn, datt bestëmmten Texter vun der Gemeinschaft an dës Sprooch iwwersat ginn, ouni datt si ower de Status vun enger regelrechter Amtssprooch hat.

Beim zweeten Elargissement ëm Griicheland 1981 wor kloer, datt och Griichesch Amtssprooch sollt ginn, obschons domat en anert Alphabet wéi dat gewinntent laténgescht an d'Gemeinschaft mat derbäi koum. Mat der drëtter Erweiderung 1986 ëm Spuenien a Portugal koumen déi zwou grouss Nationalsproochen aus der Iberia derbäi.

Déi véiert Erweiderung 1995 ëm Eisterräich, Schweden a Finnland wor a sproochlech-institutioneller Hisiicht liicht ongewéinlech: De Status vum Schwedeschen als Amtssprooch vun der Unioun ass ni a Fro gestallt ginn, an nawell entsprécht hien deelweis éischter enger primär politescher Décisioun wéi enger praktescher Noutwennegkeet. Mam Däneschen ass zanter laangem eng skandinavesch Sprooch als Amtssprooch établéiert, an Dänesch a Schwedesch sinn enk genuch matenee Famill, fir datt nëmmen an enger vun dëse Sprooche bräicht geschafft ze ginn. Aus evidente Grënn gouf esou eng Minimalléisong ni envisagéiert. Ëmmerhin läit hei de Fall vun enger Sprooch vir, déi net aus Grënn vun der zwéngender kommunikativer Noutwennegkeet Amtssprooch vun der Unioun gouf, mee der hire Status an éischter Linn politesch motivéiert ass.

Mat dem Bäitrett vu gläich zeng neie Länner den 1. Mee 2004 huet sech déi sproochlech Realitéit vun der Unioun nach eng Kéier fundamental verännert: iwwer Nuecht koumen aacht nei Sproochen derbäi, d'Zuel vun den offizielle Sproochen an der Unioun wiisst domat op zwanzeg. Nei derbäi koumen nieft Ungaresch an den dräi Sproochen aus dem Baltikum Estnesch, Lettesch a Litauesch och véier Membere vun der slawescher Sproochefamill: Polnesch, Tschechesch, Slowakesch a Slowenesch. Hei fällt bei der Koppel Tschechesch – Slowakesch op, wéi no déi zwou Sprooche beienee leien; och hei entsprécht hire Status als Amtssprooche primär enger politescher Opportunitéit.

Spéitstens zanter et sech erëmgeschwat huet, datt den Inselstaat Malta als e Land, dat territorial méi kleng ass wéi Lëtzebuerg an eng vergläichbar niddereg Awunnerzuel huet, seng Nationalsprooch Maltesesch als Amtssprooch vun der Unioun unerkannt krut, sinn d'Stëmme méi haart ginn, déi esou e Status och fir d'Lëtzebuergescht reclaméieren.

De Bäitrett vun zwee weidere Länner ass programméiert: Bulgarien a Rumänien sollen am Joer 2007 bäitrieden, woubäi mat der bulgarescher Sprooch dat kyrillescht Alphabeth Agank an d'Unioun fënnt.

Den 3. Oktober 2005 schliisslech hunn d'Bäitrettsverhandlunge mat der Tiirkei ugefaangen, gläichzäiteg krut Kroatien eng Verhandlungsperspektiv offréiert, sou datt mat dëse weideren envisagéierte Bäitretter d'Zuel vun den offizielle Sproochen an der Europäescher Unioun op bis zu 25 klamme wäert. Haut schon huet d'Unioun fënnef Mol méi offiziell Sproochen wéi viru 50 Joer, an e puer Joer sinn et der sechs Mol méi.

An dëser impressionnanter Chronologie gouf een Datum nach net ernimmt: den 13. Juni 2005. Op dësem Dag nämlech huet de Conseil vun de Ministeren am Kader vum Reglement iwwert de Sproocheregime vun der Unioun festgestallt: „Le gouvernement irlandais a demandé que l'irlandais se voie accorder le même statut que celui qui est accordé aux langues officielles nationales des autres États membres (...)." Mam Artikel 1 vun dem entspriechende Reglement gëtt d'Reglement Nr. 1 vum 15. Abrëll 1958 iwwert de Sproocheregime vun der Gemeinschaft esou geännert, datt vun elo un „les langues officielles et les langues de travail des institutions de l'Union européenne" och déi iresch Sprooch ëmfaassen.

Mat dëser Décisioun vum Conseil klëmmt d'Zuel vun den offizielle Sproochen op 21, mat hir kënnt ower och en neie Moment an de Sproocheregime vun der Unioun. Wor et an der Geschicht vun der Gemeinschaft ëmmer d'Regel, datt d'Zuel vun den Amtssprooche mat der Zuel vun de Memberstaaten an d'Luucht gaangen ass an datt den Amtssproochestatus vun enger Sprooch deemno am Kader vun de Bäitrettsverhandlungen vum concernéierte Land festgeschriwwe gouf, sou ass elo den ausschliissleche Charakter vun dësem Automatissem duerch den Akt vum Conseil vum 13. Juni 2005 opgebrach ginn. Mat dësem Akt gëtt d'Nationalsprooch vun engem Land, dat zanter méi wéi drësseg Joer Member vun der Unioun ass, nodréilech als Amtssprooch unerkannt. De Status vun enger Amtssprooch hänkt domat – bäitrettsonofhängeg – vun enger entspriechender Décisioun vum Conseil of.

Deselwechten Dag huet den Conseil a senge Conclusiounen am Beräich ‚Affaires générales' ausserdem festgestallt: „Les présentes conclusions concernent les langues, autres que les langues visées

par le règlement n° 1/1958 du Conseil, dont le statut est reconnu par la Constitution d'un Etat membre sur tout ou partie de son territoire ou dont l'emploi en tant que langue nationale est autorisé par la loi."

Mat dëse Conclusiounen schaaft de Conseil eng nei Kategorie vu Sproochen um Niveau vun der Unioun: gemengt sinn net déi offiziell Sproochen, déi 1958 festgeluegt goufen an deenen hir Zuel am Rhythmus vun de Bäitrëtter ëmmer erëm adaptéiert gouf; et geet ëm déi Sproochen, déi an de Memberstaaten e konstitutionelle Status hunn oder deenen hire Gebrauch als Nationalsprooch gesetzlech geregelt ass. Si kënnen ënnert bestëmmte Conditiounen a fir bestëmmten Zwecker beim Conseil an eventuell bei aneren Institutiounen (de Conseil nennt *expressis verbis* de Comité vun de Regiounen an d'Europäescht Parlament) als „langues additionnelles" gebraucht ginn. Den Detail vun hirem Gebrauch soll am Kader vun engem „arrangement administratif" geregelt ginn, deen tëscht der respektiver Institutioun an dem „Etat membre demandeur" ofgeschloss gëtt.

Déi spuenesch Regierung huet mëttlerweil dësen Text opgegraff an de 7. November 2005 en entspriechend Arrangement mat dem Conseil an de 16. November 2005 e weidert Arrangement mat dem Comité vun de Regiounen ofgeschloss. Eng entspriechend Demande vu Spuenien un d'Adress vum Europäesche Parlament läit an der Tëschenzäit och fir. An dëse bilateralen Arrangementer geet et konkret ëm de Gebrauch vun dräi Sproochen, déi nieft dem Kastileschen (Spuenesch) am Land unerkannt sinn: Katalanesch, Baskesch a Galizesch.

Déi europäesch Institutiounen ginn dovun aus, datt och aner Memberlänner dat neit Reglement an Usproch huelen an hirersäits de Gebrauch vun national unerkannte Sproochen als „langues additionnelles" op EU-Niveau ufroen (Walisesch, Sorbesch, Frisesch, Sami an anerer).

2. Sproochepolitesch Realitéit

Esou komplex a variéiert wéi d'Bild vun den 21 Amtssprooche vun der Unioun sech presentéiert, esou komplex an ënnerschiddlech ass och hire Gebrauch am europapoliteschen Alldag an deenen eenzelnen Institutiounen.

Konventionell gëtt ënnerscheed tëscht deene fënnef ‚Organer' vun der Unioun: Parlament, Conseil vun de Minister, Kommissioun, Cour de justice a Cour des Comptes, an deenen aneren Institutiounen, Agencen, Bureauen asw., déi direkt vun der Unioun ofhänken (BEI, Europäesch Zentralbank, Centre de Traduction, Amt fir Liewesmëttelsécherheet asw.).

Déi fënnef genannten Organer sinn déi Institutiounen, déi een op nationalem Plang als ‚staatstragend' géif bezeechnen. Dës zentral Institutiounen vun der Unioun schaffe méi oder manner regelméisseg mat allen offizielle Sproochen, a jidfereng vun hinnen huet hiren eegene Sproochendéngscht, an dem Iwwersetzer an Dolmetscher a grousser Zuel fir eng problemlos Kommunikatioun net nëmmen tëscht de politeschen Décideuren, mee och tëscht de Verwaltungen ënnerteneen an tëscht de Verwaltungen an de Bierger suergen.

Déi eng oder aner Institutioun schafft dobäi virun allem mat sougenannten ‚Aarbechtssproochen'

Soll et wierklech drëms goen, bei eng impressionnant Zuel vun Amtssproochen nach eng weider Sprooch derbäi ze setzen, an dat quasi ouni Nout, net wéinst dem Bäitrett vun engem neie Land, mee wéinst de politeschen Aspiratiounen vum klengste Grënnungs-Memberstaat?

(üblecherweis Sprooche wéi Franséisch, Englesch, Däitsch), an deenen e groussen Deel vun der interner Kommunikatioun geschitt.

Als e Beispill fir déi institutionell Sproochepolitik vun der Europäescher Unioun sief d'Europäescht Parlament kuerz skizzéiert. Dës Institutioun huet an de leschte fofzeg Joer ee vun de weltwäit gréissten a performantesten Iwwersetzungs- an Dolmetschdéngschter opgebaut. Beim Parlament ginn all offiziell Sprooche vun der Unioun vu vir eran gläichberechtegt behandelt, onofhängeg dovunner, ob et sech ëm eng Sprooch mat ville Spriecher handelt oder ëm eng Sprooch, déi d'Mammesprooch vu manner Leit ass.

D'Ursaach fir dës Approche läit op der Hand: eng Institutioun, déi de Prinzip vun der Demokratie ganz uewen op hire Fändel geschriwwen huet, betruecht et net nëmmen als eng Selbstverständlechkeet, mee als eng demokratesch Verflichtung, all Sprooche gläich ze behandelen. Dësem Prinzip no muss all Deputéierten d'Méiglechkeet hunn, sech a senger Mammesprooch ze manifestéieren. Aneschtes gesot: keen Uniounsbierger soll aus Grënn vun der Sproochekompetenz dru gehënnert ginn, Deputéierten am Europäesche Parlament ze ginn.

Den Usproch, dësem Prinzip trei ze bleiwen, ass net liicht ze halen an ass grad duerch de Bäitrett vun den zeng neie Memberstaaten uerg strapazéiert ginn. Am Kader vun den interne Virbereedungen op dëse Bäitrett ass och déi kënfteg sproochepolitesch Orientéierung vum Parlament diskutéiert ginn. Dobäi gouf confirméiert, datt de Prinzip vun der Gläichberechtegung vun de Sproochen och bei zwanzeg oder méi Amtssproochen net soll a Fro gestallt ginn, mat der Formule ‚Multilinguisme maîtrisé' gouf ower eng Méiglechkeet fonnt, fir och zwanzeg Amtssproochen gläichzäiteg aktiv a passiv ofzedecken.

De personellen a logisteschen Opwand, fir dës Erausfuerderong ze meeschteren, ass enorm. An de Plenarsäll vum Parlament zu Stroossbuerg an zu Bréissel, an deenen iwwert 700 Deputéiert Plaz fannen, gëtt aus zwanzeg Dolmetschkabinen eraus gedolmetscht. Den Service de Traduction vum Parlament ëmfaasst zwanzeg eenzel Sproochabteilungen – all Sprooch huet eng eegen Abteilung mat bis zu 40 Iwwersetzer an 20 Sekretärinnen – déi an enger Direktioun zesummegefaasst sinn.

Nieft raimleche Contrainten – Plenarsäll mat 20 oder méi Dolmetschkabinen – ergi sech och ëmmer méi personell Contrainten, well et bal onméiglech ass, akademesch qualifizéiert Iwwersetzer an Dolmetscher um europäeschen Aarbechtsmaart ze fannen, déi kapabel sinn, beispillsweis eng Sproochekombinatioun Finnesch-Griichesch, Portugisesch-Lettesch oder Slowenesch-Maltesesch ofzedecken. Relais-Dolmetschen a Relais-Iwwersetzen ginn dofir zwangsleefeg ëmmer méi agesat.

3. Enjeuen vun enger Amtssprooch Lëtzebuergesch

Mat dësem gigantesche Sproochenapparat virun Aen kënnt engem d'Fro no engem méiglechen Amtssprooche-Status fir d'Lëtzebuergescht gewot vir. Soll et wierklech drëms goen, bei eng impressionnant Zuel vun Amtssproochen nach eng weider Sprooch derbäi ze setzen, an dat quasi ouni Nout, net wéinst dem Bäitrett vun engem neie Land, mee wéinst de politeschen Aspiratiounen vum klengste Grënnungs-Memberstaat?

Bei der Sich no enger Äntwert op dës Fro ass et sënnvoll ze iwwerleeën, wellech Enjeuen mat esou engem Status verbonne sinn. Et bidd sech un, Enjeuen op dräi Niveauen ze ënnerscheeden:

a) politesch
b) finanziell-logistesch
c) sproochlech

a) Politesch Enjeuen. Wa Lëtzebuerg eng offiziell Demande mecht fir datt d'Nationalsprooch als Amtssprooch vun der Europäescher Unioun soll unerkannt ginn, dann dierft séier d'Fro gestallt ginn, firwat op eemol esou eng Fuerderong am Raum steet, nodeems iwwer fofzeg Joer laang dës Sprooch net de Status vun enger Amtssprooch gehat huet an et och ouni dëse Status offensichtlech ni eeschtlech sproochlech Problemer fir Lëtzebuerg gi sinn, well d'Land zanter jehir mat senge Nopeschsproochen Däitsch a Franséisch opgetrueden ass, am Beräich vun der Aussepolitik nëmme mat Franséisch, an d'Land sech bewosst am Camp vun de frankophone Länner etabléiert huet.

Hei wir aus soziolinguistescher Siicht drop hinzeweisen, datt d'Sprooch a virun allem hire Gebrauch déi lescht Joerzéngter staark evoluéiert huet a si viru fofzeg Joer nach net de Status vun enger Nationalsprooch hat, wéi dat zanter dem Sproochegesetz vun 1984 de Fall ass. Am Sënn vun ‚Noblesse oblige' léisst sech argumentéieren, datt et nëmme logesch ass, datt d'Nationalsprooch vun engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun och de Status vun enger Amtssprooch vun dëser Unioun zegutt huet.

Op internationalem Plang kann dëse Status hëllefen, d'Visibilitéit an d'Eegestännegkeet vum Land ze ënnersträichen an no baussen däitlech ze maachen, datt d'Méisproochegkeet vu Lëtzebuerg sech net op d'Beherrschung vun Däitsch a Franséisch beschränkt, mee datt do och e ganz spezifeschen nationalen Idiom mat derbäi ass.

b) Finanziell a logistesch Enjeuen. Lëtzebuergesch als vollwäerteg Amtssprooch vun der Unioun géif bedeiten, datt déi néideg finanziell a logistesch

Moyenën misste bereet gestallt ginn, et misste qualifizéiert Dolmetscher an Iwwersetzer forméiert ginn, fir duerno vun de Sproochendéngschter vun der Unioun recrutéiert kënnen ze ginn. Um Niveau vun der Unioun missten entspriechend Servicer opgebaut ginn, wéi dat fir all aner Amtssprooch och geschitt.

c) Sproochlech Enjeuen. Fir d'Lëtzebuergescht bedeit de Status vun enger Amtssprooch vun der Unioun, datt eng ganz Rëtsch Texter missten an dës Sprooch iwwersat ginn, ugefaangen vun de Basistexter vun der Unioun – Grënnungsverträg, Charta vun de Mënscherechter, Verfassungsvertrag – iwwert déi wichtegst Legislativtexter aus iwwer fofzeg Joer Legifératioun bis bei déi aktuell Texter mat Gesetzescharakter. Urdeeler vun der Cour de Justice misste grad esou iwwersat ginn ewéi Resolutioune vum Europäesche Parlament, Ufroen un de Médiateur Européen missten och op Lëtzebuergesch méiglech sinn an an dëser Sprooch beäntwert ginn; Reglementer, Direktiven, Decisiounen, Rapporten missten och op Lëtzebuergesch virgeluegt ginn.

An dësem Fall kommen e sëllechen nei Fonctiounen an domat nei Zorte vun Texter op d'Lëtzebuergescht duer, Texter mat juristeschem, politeschem, administrativem Charakter, déi zwangsleefeg d'Sprooch an nei Formen vu schrëftlechem Ausdrock eran dirigéieren.

Mat den neien a feste Fonctiounen, déi op d'Sprooch duer kommen, sinn also och nei Forme verbonnen, a well fest Fonctiounen zu enger Fixéierong vun der Form féieren, kënnt et mat der Zäit zum Entstoe vun feste Formen, déi d'Tendenz hunn, sech als Normen ze etabléieren.

Dofir ass et néideg, am Fall vun enger Amtssprooch Lëtzebuergesch mat konkrete sproochplaneresche Moossnamen dofir ze suergen, datt dës Entwécklung an Erweiderung vun der Sprooch am Sënn vun enger vollwäerteger a fir all Textzort verwendbarer Schrëftsprooch an eng Richtung evoluéiert, déi kontrolléierbar bleift an déi et erlaabt, op eng méiglechst strukturéiert, ekonomesch an intelligent Aart a Weis den Ausbau vun der Sprooch weider ze dreiwen. Esou Moossname sinn ënnert anerem d'Zesummestelle vun Recueilen mat Modeller fir administrativ, juristesch a politesch Texter, d'Ausschaffe vun Dictionnairen an Nomenklaturen fir eng terminologesch Couverture vun allen Themegebidder a Fachberäicher, d'Entwécklung vun informatiséierten Hëllefsdéngschter wéi Spellchecker an automatesch Iwwersetzung, eng dynamesch Gestioun vu Sprooche-Fichieren mat performantem Informatik-Material, d'Formatioun vu qualifizéiertem Personal fir den dagdeegleche professionnellen Ëmgank mam Lëtzebuergeschen asw.

Weider stellt sech d'Fro no der Opportunitéit, eng zentral Autoritéit fir d'Steierung vun dëser staatlech motivéierter Sproochentwécklung beispillsweis an der Form vun enger Sproochakademie virzegesinn, déi kapabel ass, dëse laangfristegen an evolutive Prozess nohalteg an dauerhaft ze ënnerstëtzen an ze begleeden. Si erméiglecht den institutionellen Iwwerbau, deen néideg ass, fir d'Ausschaffe vun dem erfuerderlechen a verbindleche Referenzmaterial a Form vun Dictionnairen, Grammatiken, Stilbicher, Nomenklaturen asw. unzekierpen an ze begleeden.

Mat der Zäit féiert dësen Szenario zum Entstoe vun enger neier stilistescher Dimensioun vun der lëtzebuerger Sprooch, vun enger neier Zort Lëtzebuergesch, sou datt op schrëftsproochlechem Niveau déi geschriwwen Alldagssprooch duerch en administrativ-politesche Jargon ergänzt gëtt.

Hei stellt sech d'Fro, a wéiwäit esou eng Entwécklung op d'Käschte vun der gewuessener Sprooch, vum geschwatene Lëtzebuergesch geet. Ganz allgemeng stellt sech d'Fro, ob eng Sprooch, déi net de sécheren Hannergrond vun enger gefestegter Schrëftsprooch huet, mat den Ufuerderongen kann eens ginn, déi hire Gebrauch als regulär Schrëftsprooch fir administrativ a juristesch Zwecker mat sech brengt. Op sproochlechem Plang stellt sech d'Fro no der Qualitéit vum linguisteschen Dispositif, no der Eegnung vum Sproochkierper insgesamt, a grad esou d'Fro no senger Flexibilitéit an Upassungsfähegkeet vis-à-vis vun neien Erausfuerderongen.

Op soziolinguisteschem Plang stellt sech d'Fro no der gesellschaftlecher Akzeptanz vun esou enger Démarche, d.h. d'Fro ob eng Noutwennegkeet fir esou e Schrëtt gesi gëtt an ob an der Populatioun eng Bereetschaft do ass, Texter vun der Europäescher Unioun iwwerhaapt op Lëtzebuergesch ze rezipéieren.

4. Lëtzebuergesch – Langue officielle tacite?

Am Sënn vun enger Verankerung vun der Nationalsprooch op der sproochepolitescher Landkaart vun Europa, a fir d'Visibilitéit vun der Sprooch an domat vu Lëtzebuerg no bannen an no baussen ze stäerken, am Sënn ower och vun enger confirméierter an unerkannter Gläichheet vun den Nationalsprooche vun der Unioun, am Sënn schliisslech vun enger institutioneller Logik a Kongruenz, déi zu der Conclusioun kënnt, datt eng Nationalsprooch vun engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun selbstverständlech och de Status vun enger Amtssprooch vun dëser Unioun huet: aus all dëse Grënn schéngt et duerchaus wënschenswäert, op dëse Wee ze goen an esou e Status fir d'Lëtzebuergescht unzestriewen.

Tëscht der Minimalléisung – dem Status quo – an enger Maximalléisung – Lëtzebuergesch als vollwäerteg an a jidfer Hisiicht mat deenen aneren

Ganz allgemeng stellt sech d'Fro, ob eng Sprooch, déi net de sécheren Hannergrond vun enger gefestegter Schrëftsprooch huet, mat den Ufuerderongen kann eens ginn, déi hire Gebrauch als regulär Schrëftsprooch fir administrativ a juristesch Zwecker mat sech brengt.

offizielle Sprooche vun der Unioun gläichberechtegt Amtssprooch – gëtt et en Tëschewee, bei dem eng Approche méiglech ass, déi et erlaabt, iwwert den aktuelle Status quo erauszegoen, ouni ower de kompromëssslose Wee vun enger komplett gläichberechtegter Amtssprooch anzeschloen oder bei dem stoen ze bleiwen, wat de Conseil mat senge Conclusiounen vum 13. Juni 2005 als „langue additionnelle“ proposéiert.

Bei dëser Approche ass fir d'Lëtzebuergescht e Status virzegesinn, deen ech als ‚langue officielle tacite‘ bezeechnen an deen dës Charakteristiken huet:

- Lëtzebuergesch gëtt als vollwäerteg Amtssprooch vun der Europäescher Unioun unerkannt an ass gläichberechtegt mat deenen aneren offizielle Sproochen

- Lëtzebuerg renoncéiert op all Prerogativen, déi mat dem Status vun enger Amtssprooch vun der Europäescher Unioun verbonne sinn

- eis Nationalsprooch gëlt als ‚passiv‘ Sprooch, d.h. Texter vun der Unioun ginn nëmmen an d'Lëtzebuergescht iwwersat, net aus dem Lëtzebuergeschen an aner Sproochen

- déi legislativ Texter vun der Unioun ginn nëmme selektiv op Lëtzebuergesch iwwersat (beispillsweis nëmme Basistexter)

- de lëtzebuerger Staat décidéiert, wellech Texter vun der Unioun an d'Nationalsprooch iwwersat ginn

- et gëtt keng lëtzebuergesch Versioun vum *Journal officiel*

- déi eenzel Institutioune vun der Europäescher Unioun respektéieren den Amtssproochecharakter vun der Lëtzebuerger Sprooch, si brauchen ower keng eegen Servicer fir Lëtzebuergesch anzeriichten

- Lëtzebuerg dréit d'Käschten, déi mat der Unerkennung vun der Nationalsprooch als Amtssprooch vun der Unioun an der Praxis verbonne sinn

Dëse Modell vun enger ‚langue officielle tacite‘ bidd e Mëttelwee un, deen déi Conditiounen erfëllt, déi néideg sinn, fir allen engagéierte Parteie Satisfactioun ze ginn:

- Lëtzebuerg huet d'Méiglechkeet ze froen, datt seng Nationalsprooch als Amtssprooch vun der Europäescher Unioun unerkannt an hir Visibilitéit op nationalem, europäeschem an internationalem Plang gestäerkt gëtt, d'Europäesch Unioun hirersäits kann dës Unerkennung problemlos akzeptéieren, well si um Niveau vun der Unioun mat kenge finanziellen, logisteschen a personellen Contraintë verbonnen ass.

- Op sproochlechem Plang bidd dëse Modell d'Chance, d'Entwécklung an den Ausbau vun der Sprooch konsequent weiderzedreiwen, gläichzäiteg ower ze garantéieren, datt d'Sprooch an dësem Prozess lues a schrëttweis evoluéiere kann a vun hirer Substanz hir net iwwert d'Mooss strapazéiert gëtt. Domat gëtt eng konstruktiv an adaptéiert Steierung vun der schréftsproochlecher Sproochentwécklung méiglech.

- Dëse Modell ka schliisslech och fir aner Sproochen an der Unioun Virbildcharakter kréien.

An dëser souzesoe gemässegter Form vun enger ‚langue officielle tacite‘ ass de Status vum Lëtzebuergeschen als Amtssprooch vun der Europäescher Unioun eng logesch Konsequenz an eng systematesch Weiderentwécklung vum Sproochegesetz aus dem Joer 1984, dat eis Sprooch an de Status vun der Nationalsprooch gehuewen huet.